

Lëtzebuerg, den 25. Mee 2022

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,


Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Eis ass zu Ouere komm, datt de Moment Studien gemaach géifen ginn, fir Dréinkwaasser aus der Musel opzebereeden.*


*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Ëm wat fir eng Studien handelt et sech? Wéini wäerten déi spéitstens ofgeschloss sinn?*
- *Wat fir Risike kéinte vum Atomkraaftwierk Cattenom am Kontext vun der Dréinkwaassergewënnung aus der Musel ausgoen?*
- *Wéi huet sech d'Waasserqualitéit vun der Musel an de leschte Joer entwéckelt? Mussen an deem Zesammenhang nach weider Moosnamen ergraff ginn?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputéierten



Gusty GRAAS  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu